

## **Videokonferenz vum 31. August 2020 mam MENJE iwwert de sanitären Aspekt vun der Rentrée 2020-2021**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Den SNE/CGFP hat dës Woch e Méindeg eng Videokonferenz mam Minister Claude Meisch, wou hie seng Vuen zur Rentrée de 15. September duergeluecht huet.

### **Preambule**

De MENJE huet d'Rentrée zesumme mat der Direktioun vun der Santé préparéiert ënnert de «Mots d'ordre»:

- Gréisstméiglech Normalitéit fir d'Schoul
- Gréisstméiglech Sécherheet fir d'Enseignanten a fir d'Schüler

D'Erfarunge vum successiven Deconfinement a vum «Rapport d'analyse» ware fir si bei der Preparatioun vun der Rentrée hëllefreich.

Aus dësem Rapport geet ervir:

- Kanner kënnen sech an der Schoul ustiechen.
- De Risiko sech unzestiechen ass an der Famill méi grouss wéi an der Schoul.
- Et konnt keen Infektiounsherd an der Schoul festgestallt ginn.

Den SNE/CGFP weist dorop hin, dass sech déi Constaten op eng Zäit bezéien, wou an der Schoul eng ganz Partie Restrictiounen (z.B. d'Anhale vun Distanzreegelen, d'«Mise en œuvre» vun engem «Apprentissage en alternance», ...) ugewant goufen.

Op Grond vun den Erfarungen, déi an der Zäit vum 25. Mee bis de 15. Juli gesammelt goufen, an op Grond vun de Conclusiounen aus dem «Rapport d'analyse» huet de Minister sech fir eng Rentrée mat ganze Klassen entscheet. Fir hien ergëtt sech keng Noutwendegkeet vun engem Rentrée mat hallwe Klassen oder vun engem «Enseignement en alternance».

Och sollen d'Schoulen erëm mat engem «normalen» Horaire a mat sämtleche Fächer funktionéieren. D'Pause sollen awer weiderhin dephaséiert bleiwen.

Weiderhi si folgend Themen während der Videokonferenz ugeschwat ginn :

- **Testing**

- a) bei der Rentrée

All Enseignant an all Kand aus den öffentlechen a private Schoule kruten eng Invitatioun fir sech bis de 15. September op fräiwëlleger Basis testen ze loosse. Den SNE/CGFP begréisst dës Mesure, déi méi Sécherheet bei der Rentrée verspricht.

- b) während dem Schouljoer

Während dem Schouljoer soll méi cibléiert getest ginn. En éischte Fokus gétt op d'Famillje mat Kanner geluecht. Net all Schoule ginn am selwechte Rhythmus getest. Jee no Situatioun ginn ënnerschiddlech Teststrategië fir déi verschidde Schoulen applizéiert. Schoule mat méi engem héije Risiko (z.B. op Grond vun hirer geografescher Lag) gi méi getest.

**Den SNE/CGFP kann déi méi cibléiert Teststrategie novollzéien, mee ass awer der Meinung, dass e «Large Scale Testing» vun der Schoulpopulatioun och sënnvoll wär.**

- c) bei positive Fäll

De MENJE gesäit ausserdeem eng mobil Teststatioun vir, déi zum Asaz kënnt, wann d'Infektiounen punktuell an enger Schoul klamme géifen. Esou kéint eng ganz Schoulcommunitéit séier getest ginn, wann dat an enger Schoul noutwendeg sollt ginn.

Dës Mesure gesäit den SNE/CGFP als sënnvoll un.

- **Kommunikatioun bei positive Fäll**

De MENJE huet dem SNE/CGFP matgedeelt, dass si an d'Direktioun vun der Santé sech an Zukunft besser koordinéiere géifen. Bis ewell waren d'Prozeduren an d'Zoustännegkeeten net eendeiteg gekläert. An dëser «Cellule Santé/Educatioun» soll sech ofgeschwat ginn, Decisiounen geholl ginn an d'Prozeduren kloer definéiert ginn. D'Educatioun soll eng Partie Aufgabe vun der Santé iwwerhuelen, z.B. den Tracing, wa Covidinfektiounen an enger Schoul opgetruede sinn.

**Den SNE/CGFP begréisst et, dass et zum Opstelle vu kloere Prozeduren soll kommen.**

**Dee Protokoll muss transparent, novollzéierbar an onkomplizéiert sinn.**

Wat den Tracing ubelaangt kann den SNE/CGFP novollzéien, dass d'Schoul am beschte Bescheid weess, wou e positive Fall opgetrueden ass a mat wem déi Persoun a Kontakt war. D'Roll vun der Schoul däerf sech awer just op d'Weiderleede vun dësen Informatiounen beschränken. Dofir kann den SNE/CGFP et nëmme begréissen, dass de weideren administrative Volet vum Tracing an den Aufgabeberäich an an d'Responsabilitéit vun de Regionaldirektiounen fällt. Duerch déi Neiverdeelung vun de Kompetenzen däerf et an den Aem vum SNE/CGFP op kee Fall zu engem gréisseren Méiopwand fir de President an d'Membere vum Schoulcomité a fir d'Enseignantë kommen.

• **Stufeplang vum MENJE**

Fir den SNE/CGFP hu sech am Virfeld vun der Videokonferenz eng ganz Partie Froe gestallt, wéi zum Beispill: Wéi gesäit den annoncïerte Stufeplang vum MENJE konkret aus? Wéini gëtt eng ganz Klass oder d'ganz Schoul a Quarantän gesat?

De MENJE huet matgedeelt, dass d'Reaktiounen am Fall vum Optriede vu positive Fäll spezifesch a cibléiert wäerte sinn. D'Schoule sinn d'Spiegelbild vun der Gesellschaft. Et gëtt eng ënnerschiddlech Verdeelung vu positive Fäll an der Gesamtpopulatioun an an der Schoul jee no Region oder Gemeng. D'Virgoensweis ass also spezifesch a gëllt net automatesch fir d'ganz Land.

Et kënnen sech e puer «Cas de figure» stellen:

a) Een isoléierte positive Fall vun 1 Schüler oder Enseignant trëtt an enger Schoul op:

Moosnamen:

- D'Klass gëtt isoléiert.
- D'Droe vun enger Mask an der Klass gëtt fir d'Kanner obligatoresch (wann d'Kanner méi al wéi 6 Joer sinn).
- Déi Concernéiert ginn engem Covid-Test ënnerzunn.

b) Et triede méi zesammenhängend Fäll an enger Klass oder enger Schoul op:

Moosnam:

- Klass a Leit mat Kontakt zu de positive Fäll ginn a Quarantän gesat.

c) Et kënn zu enger «Chaîne d'infections» an enger Schoul.

Moosnamen:

- Déi concernéiert Klassen an Enseignantë ginn a Quarantän gesat.
- Et gi jee no Situatioun cibléiert Mesurë vun der «Cellule Santé/Educatioun» geholl. An dëser Cellule sinn d'Santésleit fir de gesondheetleche Volet, d'Educatiounsleit fir den organisatoresche Volet zoustänneg.

De Stufeplang gesäit och fir, dass et verschidde Mesurë fir den «Enseignement fondamental» an den «Enseignement secondaire» ginn, well d'Problematik mat Jugendlechen eng aner Dimensioun huet wéi mat méi klengen Kanner. D'Direktiounen am «Enseignement secondaire» kënnen weider schoulspezifesch Mesuren decidéieren, wéi zum Beispill d'Droe vun enger Mask.

Méi aschneidend Agrëffer sinn à priori net virgesinn («Enseignement en alternance», «enseignement à distance»), well d'Situatioun haut eng aner ass wéi z.B. zu Zäite vum Confinement. Dem Minister no kann een awer à ce stade esou Agrëffer net ganz ausschléissen. Dat hängt vun der weiderer Entwécklung vun der sanitärer Kris of. D'Evolutioun an d'Verhale vun der Schoul ass am gesellschaftlechen, wirtschaftlechen a soziale Kontext ze gesinn.

Et kann een d'Schoulen net zoumaachen, wann all aner Secteuren oobleiwen. Et kann zu punktuellen, temporäre Mesurë kommen, wann d'Situatioun net méi aneschtens ze geréieren ass. Esou kéint zum Beispill d'«Cellule Santé/Educatioun» decidéieren an enger Schoul d'Kantin zou ze maachen, kee Sportunterrecht méi ze erlaben oder esou guer d'ganz Schoul zouzemaachen.

- **Lëften**

Fir de MENJE ass d'Gefor, déi vun Aerosolen ausgeet, ganz reell a si muss eescht geholl ginn.

Mat dem «Sech-bewosst-ginn» vun dëser Problematik spillt d'Belëftung vun de Säll ëmmer méi eng grouss Roll. Laut MENJE solle kloer Instruktiounen un d'Gemengen eraus goen, wéi virum a no der Schoul gelëft soll ginn. Dass dat technesch Personal aus de Gemengen dofir suerge soll, dass virum Schoulufank a nom Schoulschluss (moies a mëttes) uerdentlech gelëft soll ginn, kann den SNE/CGFP nëmmen begréissen.

**Allerdéngs fäert den SNE/CGFP, dass Instruktiounen um Pabeier wuel schéin a gutt sinn, mee dass déi praktesch Ëmsetzung vläicht net ëmmer esou erfollegt, wéi dat ugeduecht war.**

Während der Schoulzäit soll entweder eng Dauerbelëftung mat méi klenger Intensitéit (Fënster a Kippstellung) oder e Stousslëfte während kuerzer Zäit gemaach ginn (z.B. um Ufank an um Enn vum Cours). Selbstverständlech sollen d'Diere vum Kllassesall opstoen esou dass een do en Duerchbruch provozéiert (Querlëften). D'Technik vum Lëften soll un d'Gebaielchkeet an un d'Temperaturen dobaussen ugepasst sinn.

Fir dëst Lëften ze garantéieren brauch den Enseignant d'Schlëssele vun de Fënsteren. Eng Direktiv an deem Sënn muss onbedéngt vum MENJE un all d'Gemenge goen. Den SNE/CGFP ass sech scho bewosst, dass aus Sécherheetsgrënn esou e Stousslëften an der Presenz vu Kanner nëmmen ënnert der Surveillance vum Enseignant ka stattfannen. Et ginn awer och eng Rei Schoulen a Kllassesäll, wou et guer net méiglech ass, d'Fënsteren opzemaachen. Fir esou Fäll huet de MENJE näischt direkt proposéiert. Wann an deene Fäll duerch eng «ventilation forcée» e séieren a komplette Loftaustausch am Sall garantéiert ass, da kann den SNE/CGFP domadder d'accord sinn. Wann awer e kompletten Austausch vun der verbrauchter Loft net méiglech ass, dann optéiert den SNE/CGFP fir mobil «Luftreiniger», déi d'Keimen an d'Viren aus der Loft erausfilteren. De MENJE huet eis awer ze verstoe ginn, dass d'Direktioun vun der Santé den Asaz vun esou Geräter net recommandéiert an dass si net wëlle mat op dee Wee goen.

Fir den SNE/CGFP ass et inakzeptabel, dass et Klasse gëtt, wou weder gelëft ka ginn, nach eng «Ventilation forcée» e komplette Loftaustausch garantéieren kann oder gebrauchte Loft effektiv filtréiert an opbereet ka ginn. An der Praxis heescht dat, dass d'Léierpersonal an d'Schüler ouni Ofstand an ouni Mask den Aerosolen onkontrolléiert ausgesat sinn. Dëst ass fir den SNE/CGFP keng Optioun.

- **Ofstandsreegelen, Maskepflicht a Hygiènesmoossnamen**

De MENJE gesäit keng Ofstandsreegelen an der Klass méi vir. Wéi bis elo brauchen

d’Kanner an der Klass och keng Mask unzedoen.

Den SNE/CGFP kann net domadder averstane sinn, dass innerhalb vun der Klass elo guer keng «Gestes barrières» méi brauchen agehalen ze ginn. Och wa verschidde Studien anscheinend aussoen, dass d’Kanner manner infektiéis wäre wéi déi Erwuessen, esou gesäit den SNE/CGFP awer e méi grouse potentielle Risiko, wa guer keng «Gestes barrières» méi gëllen.

### **Den SNE/CGFP ass der Meenung: D’Gesondheet vum Personal an de Kanner erlaabt keng Kompromësser.**

Innerhalb vun der Enceinte vun der Schoul gëllt d’Maskepflicht, esou wéi dat och virun der Sommervakanz de Fall war.

D’Desinfiziere vum didaktesche Material, dat vu verschiddene Kanner am C1 gebraucht gëtt, ass net méi noutwenneg. D’Kanner kënnen nees mat all de Spillsaache spillen.

#### **• Féiwermoossen**

Am Ausland ginn et Schoulen, wou d’Kanner an d’Enseignanten an der Entrée vum Schoulgebai d’Féiwer gemooss kréien, wa si moies an d’Schoul kommen. Bei Féiwer gi si heemgeschéckt! Den SNE/CGFP gesäit dëst als eng gutt Saach un. Hei verweist de MENJE un d’Santé, déi vun dëser Measure ofroden.

#### **• Gripp oder Corona ?**

Am Wanter kommen dacks Kanner mat änleche Symptomer wéi bei enger Corona-Infektioun an d’Schoul. Och an deem Kontext stellt den SNE/CGFP sech eng Partie Froen:

- Wéi kënnen d’Enseignanten dorop reagieren a wéini kann en Enseignant e Kand heemschécken?
- Wéi kann den Enseignant jugéieren, ob et sech ëm eng einfach Erkältung oder awer ëm Symptomer vun enger Covid-19-Infektioun handelt?
- Bei Féiwer a bei anere flagrante Symptomer (Schnapp, Houscht, ...) misst de «Principe de précaution» spillen an d’Kand heemgeschéckt ginn.

De MENJE ass sech bewosst, dass et ganz schwéier ass, d’Ursaach vu Symptomer ze jugéieren. Duerfir soll e Listing opgestallt ginn, deen tëschent zwou Zorte vu Symptomer differenzéiert, déi op eng eventuell Covid-19-Infektioun hindeite kéinten:

- grav Symptomer
- manner grav Symptomer

Wann en Enseignant bei engem Kand entweder ee graven oder awer e puer manner grav Symptomer feststellt, da soll hien d’Méiglechkeet hu fir d’Kand heemzeschécken. Wann d’Eltere refuséieren, d’Kand an d’Schoul sichen ze kommen, mell den Enseignant dat bei der Regionaldirektioun, déi dat dann un den «Office National de l’Enfance (ONE)» weidergëtt. Do kënnen da weider Schrëtt an Hëllef fir d’Familljen declenchéiert ginn. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass dës Measure wuel an déi richteg Richtung geet, awer leider net duergeet, well se net reaktiv genuch ass. Mir erwaarden eis do eng Direktiv, déi zu enger

méi schneller Léisung féiert.

Et soll och eng kloer Kommunikatioun un d'Eltere goen, krank Kanner oder Kanner mat Symptomer net an d'Schoul ze schécken. Déi Sensibiliséierung op d'Geforen, Kanner an dësen Zäite mat Erkältungssymptomer an d'Schoul ze schécken, ass an den Ae vum SNE/CGFP ganz wichteg.

- **Schoulsport**

D'Grondregel beim Sport (Turnen a Schwammen) ass folgend: Et hält een d'Mask un um Wee an d'Sportinfrastruktur an am Vestiaire. Et deet een d'Mask just aus fir d'Aktivitéit ze maachen. Jee no Sportart kënnen et ënnerschiddlech Recommandatioune sinn. Et gëllen déi Recommandatioune, déi fir déi jeeweileg Sportart geholl gouf.

- **Vulnerabel Enseignanten a Kanner**

De MENJE huet eis verséichert, dass si weiderhi protegéiert ginn. D'Krittäre vun der Vulnerabilitéit sinn nei definéiert an un d'Enseignantë kommunizéiert ginn.

D'Prozedur ass folgend:

Den Hausdokter oder de Spezialist stellt en «Certificat de vulnérabilité» aus. Duerno klärt den Enseignant mat senger Direktioun, wéi hie senger Aarbecht op eng aner Aart a Weis nokomme kann. Et ass och virgesinn, dass d'Vulnerabilitéit ënner Ëmstänn vum Aarbechtdokter vun der «Fonction publique» bestätegt muss ginn.

De MENJE gesäit vir, déi vulnerabel Schüler weiderhin à distance ze enseignéieren.

Natierlech ass den SNE/CGFP der Meenung, dass och déi vulnerabel Schüler weiderhi geschützt mussen ginn. D'Fro, déi sech fir den SNE/CGFP awer stellt, ass, ob den «Enseignement à distance» déi eenzeg Optioun fir dës Kanner kann a soll sinn. Schoul doheem, also d'Léieren eleng an ouni sozial Kontakter, war wuel iwwert en iwwerschaubaren Zäitraum eng Léisung fir si, mee ass et dat, wat dës Kanner wierklech brauchen, wa si vläicht iwwert e ganz Joer zu deene Konditioune léiere mussen? Hei stellt den SNE/CGFP sech d'Fro, ob et net méiglech wär, dës Kanner regional, ënner ganz strikte «Mesures sanitaires» an a ganz kleng Gruppen ze ënnerriichten. Och dës Kanner géife vun engem direkte Kontakt zu engem Enseignant profitéieren a brächten awer och e reegelméissegem Echange ënner Hiresgläichen.

**Den SNE/CGFP schwätzt sech fir d'Opstelle vun engem konkrete «Plan de prise en charge» aus, deen et erlaabt, dës Kanner ënner den aktuelle Konditioun beschtméiglech ze begleeden an ze forméieren.**

- **Congé pour raisons familiales**

De Minister huet präziséiert, dass et de «Congé pour raisons familiales extraordinaire» wéi en an der Zäit vum Mäerz bis Juli 2020 existéiert huet, an där Form net méi gëtt. Fäll vu Quarantän, kranken oder vulnerabele Kanner ginn direkt vun der «Caisse Nationale de la Santé» ofgeséichert.

- ***Ersatzpersonal***

Den SNE/CGFP gesäit d'Bereetstelle vu genügend Ersatzpersonal als eng richtig Erausfuerderung fir de MENJE un. An normalen Zäiten war et schonn oft schwéier, den Ersatz vu krankem Personal ze garantéieren an all ze vill dacks konnte verschidde Krankmeldungen net ersat ginn. Klassen hu mussen zesummegeleucht oder d'Kanner op verschidde Klassen opgedeelt ginn. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass esou Zenarien a Covidzäiten onbedéngt verhënnert musse ginn.

De MENJE huet ons verséichert, dass si de Regionaldirektioune preventiv scho méi Ersatzpersonal zur Verfügung gestallt hunn. Et géifen och weiderhin Efforte gemaach, esou vill wéi méiglech Leit als Remplaçant ze rekrutéieren.

- ***Eventuell Retarde bei de Schüler***

An den Ae vum Minister sinn d'Rattrapage-Coursen an der Summervakanz a während dem 1. Trimester vum Schouljoer 2020/2021 e gudden Moyen fir eventuell Retarde bei de Schüler opzefänken. Well dee Rattrapage ausserhalb vun de Schoulzäite virgesinn ass an op fräiwëlleger Basis berout, ass et an den Ae vum SNE/CGFP ganz schwéier ze garantéieren, dass grad déi Schüler, déi d'Hëllef am néidegste bräichten, och vun dëser Offer Gebrauch maachen.

De MENJE gesäit an, dass mat dëser Hëllefsmesure net onbedéngt all Schüler erreecht ka ginn. Duerfir soll nom 1. Trimester e Bilan vun dësen Hëllefsmoosname gezu ginn.

**Den SNE/CGFP ass nach ëmmer der Meenung, dass déi eenzeg Méiglechkeet fir eventuell Retarden bei Kanner auszegläichen iwwert de Wee vun engem extrae Corona-Kontingent (zousätzlech Ressourcen) geet. Mir wäerten eis och weiderhi fir méi Ressourcen an de Schoule staark maachen. Nëmme esou kann all Kand déi Hëllef kréien, déi et brauch an zegutt huet, nëmme esou kënnen all d'Kanner och laangfristeg an hirem Léierprozess ënnerstëtzt ginn.**

- ***EBS-Kanner***

De MENJE huet dem SNE/CGFP verséichert, dass d'Hëllef fir Kanner mat spezifesch Besoinen am Schouljoer 2020/21 normal ulafe wäerten. Dëst géllt esouwuel fir déi schoulintern Mesuren (Appui an «Centres d'apprentissage») wéi och fir déi schoulextern Mesuren.

- ***Kolonien***

Vu dass am Summer wéineg Problemer während de Kolonien opgetruede sinn, gesäit de MENJE à ce stade och kee Grond, d'Kolonië während dem Schouljoer 2020/21 ze verbidden. Dës Thematik soll awer nach eemol vun der Santé ofkläert ginn.

- ***Schoultransport***

Den SNE/CGFP gesäit virun allem de Bustransport als problematesch un.

De MENJE huet erkläert, dass et kapazitéitsbedéngt ganz schwéier ass, de Bustransport

anescht ze organiséieren an duerfir soll de Bustransport ganz normal rullen. De MENJE argumentéiert des Weideren, dass et am «Rapport d'analyse» keng Indizien derfir ginn, dass Leit sech am Bus ugestach hunn.

De MENJE setzt beim Bustransport op d'Maskepflicht an op e reegelméisseg Lëfte vum Bus.

- ***Fonctionnement vun der Maison Relais***

Beim Fonctionnement vun der Maison Relais muss laut MENJE déi gesamtgesellschaftlech Situatioun gekuckt ginn. Wann all d'Beräicher normal funktionéieren (z.B. Veräiner, Fräizäitaktivitéiten), da soll d'Maison Relais och no deene Prinzipie funktionéieren.

De MENJE schléit folgend Reegele fir d'Maison Relais vir:

- D'Zuel vu Kanner an engem Grupp ouni Mask an ouni Distanzregelung ka bis zu 30 Kanner goen.
- Et muss een eng Mask undoen, wann een de Grupp verléisst fir un aneren Aktivitéiten deelzehuelen.

- ***Restauration scolaire***

D'«Restauration scolaire» leeft nees normal mat e puer Aschränkungen. D'Kanner halen d'Mask u bis si beim Dësch setzen. Op engem Dësch setze maximal 10 Kanner. Virum lesse mussen d'Kanner sech d'Hänn wäschen.

- ***Eventuellen Enseignement à domicile***

Am Fall wou et duerch Quarantänsmesurë fir verschidde Klassen erëm zu engem «Enseignement à domicile» komme sollt, besteet nach ëmmer de Problem vum informatesche Material. Fir dësen Enseignement an der Vergaangenheet ze assuréieren hunn d'Enseignantë gréisstendeels op hiert perséinlecht Material zréckgegraff. Dat kann op Dauer keng Solutioun sinn. Doriwwer eraus kënnen och d'Kanner doheem oft net op adequat Material zréckgräifen.

Den SNE/CGFP ass also der Meenung, dass esouwuel d'Kanner wéi och d'Enseignantë misste mat Material equipéiert ginn, dat vum MENJE oder vun de Gemengen zur Verfügung gestallt gëtt. Nëmmen esou kann och zu deene Momenter d'Qualitéit an d'Accessibilitéit vum Enseignement assuréiert ginn.

De MENJE verweist hei op d'Gemengen, an deenen hiren Aufgabeberäich d'Ausstattung mat informateschem Material fält. De Minister huet erkläert, dass et fir de MENJE net méiglech ass, Informatikmaterial zur Verfügung ze stellen, well si dofir net kompetent sinn an dat net geneemegt kréien.

- ***Reflexioun zum PDS a Corona-Zäiten***

D'Schoule solle während dem Schouljoer 2020/21 hire lafende PDS ofschléissen, dësen evaluéieren an zur gläicher Zäit och deen nächste PDS schonn ausschaffen. Dëst ass e ganz sportleche Programm fir e Schouljoer, dat nach mat villen Inconnuë verbonnen ass.



Den SNE/CGFP fuerdert eng Entschleunegung vun deem ganze Prozess. Am Schouljoer 2019/20 ass e ganz Semester verluer gaangen a kee weess, wéi d'Schouljoer 2020/21 wäert verlafen. D'Prozedur vum PDS muss un déi aktuell Situatioun ugepasst ginn an d'Schouljoer 2020/21 muss an dësem Kontext als Iwwergangsjoeer ugesi ginn.

Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass d'Schoule während dem Schouljoer 2020/21 hire lafende PDS sollen a Rou weiderféieren, richteg ofschléissen an evaluéieren. Eréischt 2021/22 soll dann deen nächste PDS ausgeschafft ginn, dëst an der Hoffnung, dass dann de Schoulbetrib nees normal leeft.

**Schoulentwécklung bedeit och, déi vergaange Méint ze reflektéieren, esou wuel schoulintern, innerhalb vun den Ekippen, wéi och zesumme mat alle Partner. Dës Prozesser brauchen Zäit. Et wär absolut kontraproduktiv, fir d'Schoulen elo mat enger onflexibeler Timeline, déi net méi un déi aktuell Situatioun ugepasst ass, ze hetzen.**

De MENJE hat dës Reflexiounen zum PDS nach net gemaach. De Minister huet awer verséichert, si géifen dës Propose dann hirersäits och evaluéieren. Den SNE/CGFP hofft op eng Entscheidung, déi dësen Iwwerleeunge Rechnung dréit.

**De Comité central vum SNE/CGFP**